# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

DEZEMBER 2023 - JANUAR 2024



## „Lues vum Himmel fällt Schnéi“… solle mir nach e wäisse Chrëschtdag kréien?




**Édito** 3

*Prett fir en neit Joer – Prêt pour une nouvelle année*

**Une position renforcée des agents communaux** 4

*Grâce à la loi du 27 juillet 2022, les compétences des agents communaux du Grand-Duché ont été elargies considérablement. Ce pas envers un sanctionnement plus strict à l'encontre des infractions commises ainsi qu'un élargissement des compétences des agents communaux aura des conséquences non négligeables pour l'ordre public ainsi que pour les personnes en infraction avec les dispositions légales.*

**Hanner de Kulisse vum Rock the South** 6

*Wann den 9. Dezember am Home St. Hubert zu Péiteng nees d'Mauere wackelen, dann ass et Rock the South-Zäit an der Gemeng. Zënter Joren organiséiert d'Jugendkommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Péiteng dëse Concours fir jonk Musiker, déi sech wëllen en Numm an der Museksszen maachen. E flotten Event, ma fir d'Organisatoren ass do esou Munches ze maache virun deem groussen Owend.*

**AGENDA** 7

*Décembre - Janvier*

**Wat war lass?** 9

**Barbelendag an der Gemeng** 12

**SONDAGE - iwwer d'Kommunikatiounsméiglechkeete vun der Gemeng Péiteng** 13

**Niklosmaart a Kleeschen** 17

**Mir gratuléieren** 22

**Restaurant New Gouvou** 24

**Restaurant Chez Doudou** 24

**D'Gemeng informéiert** 25

*Le déneigement est un devoir pour tous!*

*Aarbechten am Krematorium*

*RPL-TV*

*Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre*

*Jeder muss Schnee räumen vor seiner Tür! (Leichte Sprache)*

*Kein Feuerwerk an Sylvester (Leichte Sprache)*

*De Geschichtsfuerscher Nummer 12 ass prett*

*Mülltrennung leicht gemacht*

**Journée de la Commémoration Nationale** 28


# IMPRESSUM


**Éditeur :**

Administration communale de Pétange
B.P. 23 • L-4701 Pétange
Tél. : 50 12 51-1000
Fax : 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Comité de rédaction :**

Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos :**

Service Culture et Communications, Laurent Blum, Seniorie St Joseph, Joël Schadeck, Milena Milenkovic, Val Wagner, iStock, Adobe Stock

**Mise en page & impression :**

Imprimerie Heintz, Pétange

PRINTED IN LUXEMBOURG

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**

Décembre 2023 - Janvier 2024

ISSN 1993-0070

# Prett fir en neit Joer

En interessant an och ereegnesräicht Joer geet op en Enn. E Joer, dat nawell ganz séier eriwwergaangen ass. Elo, no de Gemengen- a Chamberwalen ass et un deenen neien Equipë fir am Déngscht vun de Bierger ze schaffen. De Wee wäert net einfach ginn, awer de Wëlle fir eng gutt Aarbecht ze maachen ass bei all de Gewielten do. D'Erausfuerderungen, sief et an der Ëmwelt, dem Logement, der lokaler Geschäftswelt oder och nach am Beräich vum Verkéier – fir der nëmmen e puer ze nennen - musse mat Wäitsiicht grad esou ewéi mat Zouversiicht ugepak ginn. De Wieler huet de Gemengevertrieder dës Aufgabe mat op de Wee ginn ewéi en un d'Urne getrueden ass, elo gëlt et, dësen Erwaardungen och gerecht ze ginn. Dat geet just, wa jiddereen un engem Strang zitt a konstruktiv mateneen diskutéiert fir déi verschidde Projeten an der Gemeng ze realiséieren.

Eise Wonsch am Schäfferot ass et, datt d'Joer 2024 e Joer vu Gemeinsamkeeten a vun Zesummenhalt gëtt. Dofir muss jidderee säi Bäitrag leeschten, well just matenee geet et virun. Mir sinn zouversiichtlech, datt d'Gemeng Péiteng sech och an Zukunft wäert esou weiderentwéckelen, datt si hei am Süde vum Land eng flott Plaz ass fir ze wunnen, an d'Schoul ze goen an och ze schaffen.

De Schäfferot

*De Schäffen- a Gemengerot esouwéi d'Mataarbechter vun der Péitenger Gemeng wënschen Iech schéi Chrëschtdeeg an e glécklecht neit Joer!*

*Le collège échevinal, le conseil communal ainsi que les collaborateurs de la commune de Pétange vous souhaitent un joyeux Noël et une heureuse nouvelle année!*

# Prêt pour une nouvelle année

Une année intéressante et mouvementée se termine bientôt. Une année qui a passé en un rien de temps. Dès à présent, après les élections communales et nationales, les nouvelles équipes en place devront se mettre au service des citoyens. Un chemin parfois difficile mais la volonté de faire du bon travail est bien au rendez-vous chez les élus. Les défis, soit au niveau de l'environnement, du logement, du commerce local ou encore du trafic – pour n'en nommer que quelques-uns – devront être abordés avec prévoyance mais également avec confiance.

Les électeurs ont chargé les représentants communaux avec cette tâche lors du vote. Désormais, il faut répondre à leurs attentes. Cela n'est faisable que si chacun tire dans le même sens et s'applique à mener des discussions constructives afin de réaliser les nombreux projet dans la commune.

Le collège échevinal aimerait voir 2024 devenir une année de convergences et de cohésion. Pour en arriver là, tout le monde est appelé à y apporter son concours pour avancer. Nous sommes confiants que la commune de Pétange se développera dans ce sens qu'elle sera un lieu où il fera bon vivre, aller à l'école et même travailler au sud de notre pays.

Le collège échevinal



# Une position renforcée des agents communaux

Grâce à la loi du 27 juillet 2022, les compétences des agents communaux du Grand-Duché ont été élargies considérablement. Ce pas envers un sanctionnement plus strict à l'encontre des infractions commises ainsi qu'un élargissement des compétences des agents communaux aura des conséquences non négligeables pour l'ordre public ainsi que pour les personnes en infraction avec les dispositions légales.

Ainsi, les compétences des agents municipaux seront élargies, ce qui aura comme conséquences:

- la valorisation du rôle que jouent les agents communaux,
- l'allègement de la police et le désengorgement de la justice,
- la définition des missions des «Pecherten»,
- l'établissement d'une liste d'infractions mineures,
- des procédures spécifiques pour sanctions administratives.

### Définition de la sanction administrative.

Une sanction administrative est une infraction constatée par un agent communal qui, au cas où l'amende de 25€ n'est pas payée endéans 15 jours, transmet le dossier au ministère de l'Intérieur. Un fonctionnaire examine les faits et décide si une amende est applicable et en fixe le montant allant de 25€ à 250€ plus les frais administratifs de 20€.

Puisque prévenir vaut mieux que - dans ce cas - payer, tout le monde est censé respecter les dispositions légales car les infractions suivantes seront désormais sanctionnées par des amendes:

- occuper la voie publique afin d'y exercer une profession, une activité industrielle, commerciale, artisanale ou artistique **sans autorisation** ;



- pour les établissements du secteur HORECA, installer des terrasses de café ou de restaurant **au-delà du périmètre autorisé** ;
- pour les entreprises de construction et de transport, **encombrer la voie publique** aux abords des chantiers et des lieux de chargement et de déchargement ;
- charger et décharger des marchandises **sans autorisation** du bourgmestre ou **en dehors des horaires prévus** ;



- user des tondeuses à gazon, des scies et tous autres appareils bruyants **en dehors des horaires autorisés** par la commune ;
- faire usage, dans des lieux publics, de radios et autres moyens électroniques dépassant le niveau de bruit ambiant de la rue, **sans autorisation** du bourgmestre ;



- lancer ou faire éclater des matières fumigènes, fulminantes ou explosives, puantes ou lacrymogènes dans les rues, voies et places publiques ;
- allumer un feu sur la voie publique **sans autorisation** du bourgmestre ;
- **dérégler** le fonctionnement de l'éclairage public et des projecteurs d'illumination ;
- **manipuler** les conduites, canalisations, câbles et installations publiques ;





- **endommager** les plantations ornementales installées par les communes sur la voie publique ;
- pour le détenteur d'un chien, **ne pas enlever** les excréments provenant de son chien sur la voie publique ;



- introduire les chiens sur les places de jeux, écoles ou autres **lieux publics non autorisés** aux chiens ;
- occuper des aires de jeux publiques **en dehors des heures d'ouverture** ;
- déposer sur la voie publique les poubelles ou sacs destinés à la collecte publique **avant l'heure prévue** à cet effet;
- descendre sur la glace des canaux, bassins, étangs et cours d'eau, **sauf autorisation du bourgmestre**.



# Hanner de Kulisse vum Rock the South

*Wann den 9. Dezember am Home St. Hubert zu Péiteng nees d'Mauere wackelen, dann ass et Rock the South-Zäit an der Gemeng.*

Zënter Joren organiséiert d'Jugendkommissioun an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Péiteng dëse Concours fir jonk Musiker, déi sech wëllen en Numm an der Museksszen maachen. E flotten Event, ma fir d'Organisatoren ass do esou Munches ze maache virun deem groussen Owend.

### Virum RTS ass nom RTS

Um Ufank vum Joer, also kuerz no dësem Concours, gëtt de Sall nees fir den Event am Dezember reservéiert. Dëse Sall ass vun der Gréisst hir ideal, net zulescht well och hei eng Buvette integréiert ass.

Ëm de Mount Mee oder Juni fänken dann déi éischt konkret Virbereedunge fir eng Rock the South-Editioun un. Hei ginn d'Partner kontaktéiert fir ze froen, ob si nees matmaachen a wat si eventuell vu Präisser kënne bäisteieren. Wann ee vu Partner schwätzt, da sinn dat virun allem déi, déi sech an der Jugendaarbecht engagéieren ewéi den SNJ oder och OnStéitsch Festival. Da kommen awer selbstverständlech och nach Partner aus dem musikalesche Beräich derbäi ewéi z.B. en Tounstudio respektiv eng Booker- a Label-Agence ewéi Attitude.

Och wann een net esou richteg vun engem Sponsor ka schwätzen, déi hei genannte Partner vum RTS droen hiren Deel dozou bäi, datt d'Matmaachen an déi vill Aarbecht vun de Musiker och belount gëtt. Als Präisser ginn z.B. eng Opnam am Studio vun Unison Studios – dat ass fir dëst Joer. De Finanzement vun dëse Präisser, dat muss och gesot ginn, dréit déi Péitenger Gemeng, an zwar iwwer de Budget vun der Jugendkommissioun.





Den Dag virum Event gëtt déi ganz Technik am Sall opgeriicht an och agestallt. D'Frigoe gi gefëllt, esou datt den Dag selwer just nach de Soundcheck muss gemaach ginn. Dat geschitt e puer Stonnen ier d'Diren opgi fir d'Leit.

### Der Jury hir Aufgab

Selbstverständlech muss no den Optrëtter vun deene verschiddene Museksgruppen eng Entscheedung falen, ween dann elo als Gewënner vum Owend ervirgeet. Dat ass d'Aufgab vun enger Jury, déi sech aus deene Leit zesummesetzt, déi och d'Präisser ubidden. Dat huet e Grond: si wëssen oder lauschteren eraus, wie scho prett ass fir an e Studio ze goen a ween nach e bësse méi Übung brauch. Och wann een op der Bühn eng gutt Performance bréngt heescht dat nach net, datt een och fir eng Opnam prett ass. Do muss alles klappen tëscht de Musiker, si musse perfekt openeen ofgestëmmt si fir d'Membere vun der Jury z'iwwerzeegen. E weidere Krittär ass natierlech och, ob si an der Lag sinn, eng Show aus hirem Optrëtt ze maachen oder ob si just hir Lidder sangen.

Och d'Jugendkommissioun ass an der Jury vertrueden. Si kucken a bewäerten, wéi déi eenzel Gruppe bei den Nolauschterer am Sall ukommen. Dësen Aspekt ass wichteg, well „der Funke muss überspringen". An dann heescht et just nach vill Gléck ze wënschen …

# AGENDA

## Décembre - Janvier

### 11.12.2023, 15.01. a 5.02.2024
### BICHERBUS

Péiteng, J.F. Kennedy-Plaz
vun 10.45 bis 11.45 Auer

Rodange bei der Sportshal
rue Jos. Moscardo
vun 13.15 bis 14.15 Auer

Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail: bicherbus@bnl.etat.lu

Um Internet ënner: https://cutt.ly/ewKPTuE

Org.: Kulturministère

### PABEIERSAMMLUNG ZU RODANGE A LAMADELAINE

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**LAMADELAINE:**
**DEN 19.1.2024**
**RODANGE: DEN 15.12.2023, 12.1.2024 AN 9.2.2024**

Org.: Gemeng Péiteng



### PABEIERSAMMLUNG ZU PÉITENG

Vu moies fréi bis nomëttes

**Nëmme Päck ënner 10 kg gi matgeholl!**

**D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten agewéckelt sinn!**

**PÉITENG:**
**DEN 6.1.2024 AN 3.2.2024**

Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng

### 15.12.
### RÉUNION MENSUELLE

Rodange – Centre culturel
de 17h00 à 19h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

### 15.12.
### La Voix des Choeurs

Am Kader vum Weltdag vum Chouergesang invitéiert de Georges Philippart, Lëtzebuerger Sänger op de Concert „La Voix des Choeurs" an de Péitenger Sportzenter Bim Diederich.

Entréesbilljeeën an Informatiounen op https://tinyurl.com/33dy29hv

Erwuessener: 23€
Kanner bis 12 Joer: 12€
Kulturpass: 1€

Ufank vum Concert: 19.30 Auer

Org.: George Philippart

### 17.12.
### CHRËSCHTFEIER

Péiteng – Home St Hubert
(52, rue de l'Eglise) · Ufank: 11 Auer

Org.: Amicale Péitenger Senioren

### 18.12.
### PROJECTION DU FILM «L'ARRIVÉE DE LA JEUNESSE»

Pétange – Maison de la culture
A Rousen - Début à 19h00

Org.: déi Lénk Section Pétange

### 23.12.
### FÊTE DE NOËL POUR ENFANTS

Lamadelaine – Centre de loisirs
(rue Grousswiss)

En collaboration avec l'association Memaia asbl

Début: 15h00 · Entrée: 15€


Org.: Syndicat d'initiative Rodange asbl

### 31.12.
### RÉVEILLON CAPVERDIEN – NUIT DE GALA

Lamadelaine – Centre de loisirs
Début: 21h00 · Prix: 70€

Réservations au +352 691 880 306

Org.: Syndicat d'initiative de Rodange en collaboration avec l'Association Capverdienne du Sud





### 7.01.2024
### RÉUNION MENSUELLE «DRÄIKINNEKSDAG»

Rodange – Centre culturel
de 15h00 à 18h00

Entrée libre

Org.: Foi et Lumière Minette



## NEIJOOSCHPÄTT VUN DE PARTEIEN

### 05.01.
### DÉI KONSERVATIV – D'FRÄIHEETSPARTEI
Péiteng – Kulturhaus A Rousen
Ufank: 19.00 Auer

### 09.01.
### CSV GEMENG PÉITENG
Péiteng - Kulturhaus A Rousen
Ufank: 19.30 Auer

### 11.01.
### LSAP SEKTIOUN GEMENG PÉITENG
Rodange – Kulturzenter
Ufank: 19.00 Auer

### 12.01.
### DÉI LÉNK SECTION PÉTANGE
Péiteng - Kulturhaus A Rousen
Ufank: 19.00 Auer

### 14.01.
### NEIJOERSCONCERT
Lamadelaine – Fräizäitzenter
Ufank: 15.00 Auer

Org.: Harmonie Municipale Rodange&Lamadelaine

### 20.01.
### QUIZ NIGHT
Rodange – Kulturzenter
(av. Dr. Gaasch)

Equipë max.: 4 Leit · Präis Team: 20€

Den Erléis geet un d'Stëftung Wonschstär

Umeldunge bis de 07.01.2024 iwwer info@cdr.lu

Org.: Cercle Dramatique Rodange

### 26.01.
### RÉUNION MENSUELLE
Rodange – Centre culturel
de 17h00 à 19h00

Org.: Cercle Philatélique Rodange

### 26.01.
### GENERALVERSAMMLUNG
Lamadelaine – Fräizäitzenter
(rue Grousswiss) · Ufank: 19 Auer

Org.: DT Kordall 95

### 28.01.
### GENERALVERSAMMLUNG
Péiteng – Kulturhaus
A Rousen --Ufank: 10.00 Auer

Org.: Péiteng on Air – Radio Tele Gemeng Péiteng

## Ausstellungen / Expositions
### CENTRE CULTUREL
81, avenue Dr Gaasch, Rodange

### EXPOSITION DE TABLEAUX ET DE MAQUETTES DE NAVIRES
**Artiste: Claudia Fanelli**
**Maquettes réalisés par D.M. Köhler**

Heures d'ouverture:
le 16.12 de 17h00 à 21h00
du 17 au 20.12 de 16h00 à 20h00

Entrée gratuite

Org.: Syndicat d'Initiative de Rodange asbl

## WAX
2, rue d'Athus, L-4710 Pétange

### 21.01.2024
### AL SCHANKEN MAT DE MIERBAACHER
**THEMA: SCHÉIN AL SCHANKEN**

Onvergiesslech Lidder a verschidde Sproochen aus den 30er bis an d'80er Joren. En Owend fir matzesangen, ze danzen oder justze genéissen.

Ufank: 16.00 Auer · Entrée: 15€

**Reservatioun** e-mail: masutti@pt.lu

Info op www.konschtmillen.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

### 03.02.
### FUJAZZ'5TET, FEAT. EDITH VAN DEN HEUVEL
Quintet de jazz au répertoire éclectique proposant surtout des arrangements standards variés de jazz

Début: 20h00 · Entrée: 15€

**Reservatioun** e-mail: masutti@pt.lu

Info op www.konschtmillen.lu

Org.: Konscht-Millen asbl

## Ausstellungen / Expositions
### KULTURHAUS A ROUSEN
Place du Marché, L-4760 Pétange

### EXPOSITION OTT NEUENS
### du 2 au 4.2. 2024
Oeuvres au lapis-lazuli, à l'or, aux pierres précieuses et à la terre de Sienne inspirées de la culture égyptienne et d'un voyage en Toscane.

Heures d'ouverture: de 14h00 à 18h00

clubsenior

## CLUB SENIOR PRËNZEBIERG
**27-29, rue Michel Rodange**
**L-4660 Déifferdeng**
**Umeldungen iwwer Tel. 26 58 06 60**
**Virement sur le compte**
**CCPLLULL LU91 1111 1007 2640 0000**

### Un samedi sur 2 à partir du 13.01.24
### PROJET INCLUSIF PÉTANQUE
Projet inclusif et intergénérationnel en collaboration avec le Jugendtreff SABA, la fédération sportive et les Spécial Olympics. Nous recherchons donc des personnes intéressées qui souhaitent jouer à la pétanque dans un cadre sympa et varié. Si vous souhaitez faire partie de ce projet innovant, contactez-nous tous le jours entre 10h à 11h30 au boulodrome au Metzerlach · Participation gratuite

### Dënschdes, de 16. Januar
### NEIJOERSCHFEIER MAM ROL GIRRES
De Club Senior Prënzebierg invitéiert op de Neijooschpatt am Artikuss. Mir stoussen zesummen op dat neit Joer un a verbréngen e flotte Nomëtten an enger gudder Ambiance.

Vun 14.00 bis 17.00 Auer · Gratis

### Méindeg, den 29. Januar
### GENTLEMEN'S TIME OPRUFF UN EIS HÄREN
All zweete Mount kritt Dir, d'Hären, d'Chance Iech ënner Männer ze treffen an zesummen eng flott Zäit ze verbréngen. Virwëtzeg? Da maacht mat e Méindeg, den 29. Januar 2024 am Escape Room, wou Dir Rätsele musst léise fir aus dem Raum, wou Dir sidd, erauszekommen. Melt Iech un, et lount sech bestëmmt.

Rendez-vous um 13.45 Auer um Parking Plateau des Hauts Fourneaux oder um 14.15 Auer virum Crocus Escape, 14, rue Robert Stumper zu Gaasperech. · Präis. 34€

# Wat war lass?

**26.09.2023** - *Enn September goufe bei den Atelieren op der Lénger Strooss eng ganz Rei nei Gefierer vun der Gemeng offiziell hirer Bestëmmung iwwerginn. Dës Ween, esou housch et, sollen déi eeler Modeller, déi awer schonn tëscht 10 an 13 Joer al sinn, ersetzen. Esou hunn d'Mataarbechter nei a méi performant Gefierer fir hir Aarbecht ze maachen. Käschtepunkt fir déi nei Ween: ronn 333.000€.*









**30.09.2023** - *Selbst in die Pedale treten, dies war das Motto der Draisinen-Tour, die ihren Ausgangspunkt im Fond-de-Gras hatte. An zwei Tagen waren die Besucher begeistert von ihrer etwas anstrengenderen Tour, das sie in Richtung Fuussbësch führte. Von dort ging es zu Fuß zur Mühle, wo eine Führung des vollständig restaurierten Gebäudes anstand.*





**14.10.2023** - *Champignone sinn eng Spezialitéit, déi, wann se frësch virbereet ginn, en absolute „Must“ op engem Menü sinn. Datt et awer beim Sammele ganz vill Detailer ze beuechte gëtt, dat huet de Fernand Schiltz – den Expert a Saache Champignonen – erkläert. Séier kann een sech do beim Sammelen ieren, mat méigleche schroe Konsequenzen. Awer op dëser Wanderung gouf de Kuerf nëmme mat gudde Champignone gefëllt.*



**16.10.2023** - *A Pétange, le collège échevinal avait invité à l'inauguration du nouveau parking public Ecole de Musique dont l'entrée se trouve dans la rue Jean-Pierre Hamer. Au sous-sol du nouveau bâtiment, plus de 90 voitures pourront stationner dans la partie publique du parking. Gratuitement pour l'instant. Comme le bourgmestre a souligné, ces emplacements sont nécessaires en vue de réaménagement futur de la place du Marché à Pétange mais aussi pour accueillir les visiteurs et chargés de cours de l'école de musique dans les années à venir.*









**17.10.2023** - *An der Seniorie St. Joseph zu Péiteng stoung nees eng Kéier d'Journée du Grand Âge am Agenda. Am Restaurant haten sech d'Bewunner vum Haus afonnt, wou si dann och mat flotter Musek ënnerhale goufen a wou och vill ënnerenee gepotert gouf. Memberen aus dem Schäffen – a Gemengerot waren och op der Plaz, wou si fir jiddereen e flotte Kaddo matbruecht haten, deen och gären ugeholl gouf. A mat enger gudder Taass Kaffi an engem Stéck Toart goungen dës puer Stonne vill ze séier eriwwer.*






















# „BIERGLEIT FRÉI OP, RUFFE GLÉCK OP“





Zu Rodange a Lamadelaine gouf de Barbelendag gefeiert













# Är MEENUNG interesséiert eis!

# Votre OPINION nous intéresse!

**Maacht mat a gewannt een Akafsbong**

**Participez et gagnez un bon d'achat**

Pétange
MOTIVATION COMMUNE an Du

# SONDAGE

## iwwer d'Kommunikatiounsméiglechkeete vun der Gemeng Péiteng

(Dëse Froebou ass och digital ze fannen ënnert www.petange.lu/sondage)

### ALLGEMENG

Wéi informéiert Dir Iech iwwer d'Gemeng Péiteng?

- ☐ Print-Dokumenter (z.B. Meng Gemeng)
- ☐ Facebook
- ☐ Elektronesche Reider
- ☐ Instagram
- ☐ Internetsäit www.petange.lu
- ☐ Youtube
- ☐ City-App Pétange
- ☐ Radio Péiteng on Air
- ☐ Pétange Info TV
- ☐ Keng vun dëse Méiglechkeeten

Fannt Dir, datt Dir gutt informéiert gitt vun der Gemeng Péiteng?

☐ Jo ☐ Nee

Wéi sidd Dir op dës Ëmfro opmierksam ginn?

- ☐ Print-Dokumenter
- ☐ Social Media
- ☐ Internetsäit
- ☐ Mond-zu-Ouer

### PRINT-BROSCHÜREN

#### „MENG GEMENG“

Kennt Dir de Magazin „Meng Gemeng”?

☐ Jo ☐ Nee

Liest Dir dëse Magazin?

☐ Jo ☐ Nee

# ENQUÊTE

## sur les moyens de communications de la commune de Pétange

(Ce questionnaire est également disponible sous forme digitale à l'adresse www.petange.lu/sondage)

### GÉNÉRALITÉS

Comment vous informez-vous sur la commune de Pétange?

- ☐ Documents imprimés (p.ex. Meng Gemeng)
- ☐ Facebook
- ☐ Bornes d'informations
- ☐ Instagram
- ☐ Page internet 'www.petange.lu'
- ☐ Youtube
- ☐ City-App Pétange
- ☐ Radio Péiteng on Air
- ☐ Pétange Info TV
- ☐ Aucune de ces options

Pensez-vous que la commune vous informe de façon adéquate?

☐ Oui ☐ Non

Comment avez-vous pris connaissance de cette enquête?

- ☐ Documents imprimés
- ☐ Social Media
- ☐ Internet
- ☐ Bouche-à-oreille

### DOCUMENTS IMPRIMÉS

#### «MENG GEMENG»

Connaissez-vous le magazine «Meng Gemeng»?

☐ Oui ☐ Non

Est-ce que vous lisez ce magazine?

☐ Oui ☐ Non

Fannt Dir dëse Magazin interessant?

☐ Jo ☐ Nee

### „PÉITENG AKTUELL"

Kennt Dir de Bulletin "Péiteng Aktuell"?

☐ Jo ☐ Nee

Liest Dir dëse Bulletin?

☐ Jo ☐ Nee

Fannt Dir dëse Bulletin interessant?

☐ Jo ☐ Nee

Wëllt Dir d'Printversioun vum Bulletin "Péiteng Aktuell" weiderhi geschéckt kréien?

☐ Jo ☐ Nee

### „SUMMERLACH"

Kennt Dir d'Broschür „Summerlach"?

☐ Jo ☐ Nee

Liest Dir dës Broschür?

☐ Jo ☐ Nee

Fannt Dir dës Broschür interessant?

☐ Jo ☐ Nee

## SOCIAL MEDIA

### „FACEBOOK / COMMUNE DE PÉTANGE"

Kennt Dir de Facebook-Site "Commune de Pétange"?

☐ Jo ☐ Nee

Hutt Dir dës Säit „geliked"?

☐ Jo ☐ Nee

Sidd Dir „Follower" vun der FB-Säit „Commune de Pétange"?

☐ Jo ☐ Nee

### „FACEBOOK / PÉTANGE EVENTS"

Kennt Dir de Facebook-Site "Pétange Events"?

☐ Jo ☐ Nee

Hutt Dir dës Säit "geliked"?

☐ Jo ☐ Nee

Sidd Dir „Follower" vun der FB-Säit „Pétange Events"?

☐ Jo ☐ Nee

### „INSTAGRAM"

Kennt Dir den Instragram-Account „commune.de.petange"?

☐ Jo ☐ Nee

Sidd Dir "Follower" vun der Gemeng Péiteng op Instagram?

☐ Jo ☐ Nee

Trouvez-vous ce magazine intéressant?

☐ Oui ☐ Non

### « PÉITENG AKTUELL »

Connaissez-vous le bulletin «Péiteng Aktuell»?

☐ Oui ☐ Non

Est-ce que vous lisez ce bulletin?

☐ Oui ☐ Non

Trouvez-vous ce bulletin intéressant?

☐ Oui ☐ Non

Aimeriez-vous encore recevoir le bulletin «Péiteng Aktuell» en version imprimée?

☐ Oui ☐ Non

### « SUMMERLACH »

Connaissez-vous la brochure «Summerlach»?

☐ Oui ☐ Non

Est-ce que vous lisez cette brochure?

☐ Oui ☐ Non

Trouvez-vous cette brochure intéressante?

☐ Oui ☐ Non

## SOCIAL MEDIA

### « FACEBOOK / COMMUNE DE PÉTANGE »

Connaissez-vous la page Facebook «Commune de Pétange»?

☐ Oui ☐ Non

Avez-vous déjà «aimé» cette page?

☐ Oui ☐ Non

Suivez-vous la page Facebook «Commune de Pétange»?

☐ Oui ☐ Non

### « FACEBOOK / PÉTANGE EVENTS »

Connaissez-vous la page Facebook «Pétange Events»?

☐ Oui ☐ Non

Avez-vous déjà «aimé» cette page?

☐ Oui ☐ Non

Suivez-vous la page Facebook «Pétange Events»?

☐ Oui ☐ Non

### « INSTAGRAM »

Connaissez-vous le compte instagram «commune.de.petange»?

☐ Oui ☐ Non

Suivez-vous le compte de la commmune de Pétange sur Instagram?

☐ Oui ☐ Non

### „YOUTUBE"

Kennt Dir de Youtube-Kanal "Gemeng Péiteng - Commune de Pétange"?

☐ Jo ☐ Nee

Kuckt Dir hei reegelméisseg Videoe vun der Gemeng Péiteng?

☐ Jo ☐ Nee

Sidd Dir "Subscriber" vum Youtube-Kanal "Gemeng Péiteng - Commune de Pétange"?

☐ Jo ☐ Nee

## ADMINISTRATIOUN / POLITIK

### „GEMENGEROTSSËTZUNGEN"

Verfollegt Dir de Livestream vun de Gemengerots-sëtzungen?

☐ Jo ☐ Nee

Iwwer wéi ee Kanal?

☐ Youtube

☐ Pétange Info TV

☐ Internet (www.petange.lu)

### „ELEKTRONESCHE REIDER"

Wësst Dir, datt op verschidde Plazen an der Gemeng „elektronesch Reidere" stinn, op deene Gemengeninformatiounen ugewise ginn?

☐ Jo ☐ Nee

Maacht dir Gebrauch vun dëser Offer?

☐ Jo ☐ Nee

## INTERNET / CITY APP

### „INTERNETSÄIT www.petange.lu"

Kennt Dir d'Internetsäit (www.petange.lu) vun der Gemeng Péiteng?

☐ Jo ☐ Nee

Consultéiert Dir reegelméisseg d'Internetsäit vun der Gemeng Péiteng?

☐ Jo ☐ Nee

### „CITY-APP"

Kennt Dir d'Application "City-App" vun der Gemeng Péiteng?

☐ Jo ☐ Nee

Hutt Dir d'City-App op Ären Handy erofgelueden?

☐ Jo ☐ Nee

Maacht Dir Gebrauch vun der City-App?

☐ Jo ☐ Nee

### « YOUTUBE »

Connaissez-vous le canal Youtube «Gemeng Péiteng - Commune de Pétange»?

☐ Oui ☐ Non

Regardez-vous régulièrement les vidéos sur ce site?

☐ Oui ☐ Non

Êtes-vous un «abonné» de la chaîne Youtube «Gemeng Péiteng - Commune de Pétange»?

☐ Oui ☐ Non

## ADMINISTRATION / POLITIQUE

### « SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL »

Suivez-vous le livestream des séances du conseil communal?

☐ Oui ☐ Non

De quelle façon?

☐ Youtube

☐ Pétange Info TV

☐ Internet (www.petange.lu)

### « BORNES D'INFORMATIONS »

Connaissez-vous les «bornes électroniques» installées à différents endroits de la commune, sur lesquelles sont affichées des informations relatives à la commune?

☐ Oui ☐ Non

Profitez-vous de cette offre?

☐ Oui ☐ Non

## INTERNET / CITY APP

### « PAGE INTERNET www.petange.lu »

Connaissez-vous le site internet «www.petange.lu» de la commune de Pétange?

☐ Oui ☐ Non

Consultez-vous régulièrement le site internet de la commune de Pétange?

☐ Oui ☐ Non

### « CITY-APP »

Connaissez-vous l'application «City-App» de la commune de Pétange?

☐ Oui ☐ Non

Avez-vous déjà téléchargé cette application?

☐ Oui ☐ Non

Utilisez-vous l'app de la commune de Pétange?

☐ Oui ☐ Non

Hutt Dir d'Push-Noriichten aktivéiert?

☐ Jo ☐ Nee

## RADIO / TËLEE

### „PETANGE INFO TV“

Kennt Dir den Tëleessender “Pétange Info TV”?

☐ Jo ☐ Nee

Wéi dachs kuckt Dir dësen?

☐ All Dag

☐ 1 x d'Woch

☐ e puer Mol de Mount

☐ Onreegelméisseg

☐ Ni

### „RADIO PÉITENG ON AIR“

Kennt Dir de Radio Péiteng on Air?

☐ Jo ☐ Nee

Lauschtert Dir de Radio Péiteng on Air?

☐ Jo ☐ Nee

**Remarken:**

..................................................................................

..................................................................................

..................................................................................

..................................................................................

**Deelt eis w.e.g. Är Kontaktdate mat fir un der Verlousung vun Akafsbonge kënnen deelzehuelen.**

Numm a Virnumm: ........................................................

Adress: ..........................................................................

E-mail: ..........................................................................

**Accord RGPD**

☐ Ech sinn averstanen, datt d'Gemeng Péiteng meng iwwermëttelt Informatioune späichert fir op meng Demande kënnen ze reagéieren.

Den ausgefëllte Formulaire kann bis spéitstens de 15.01.2024 u folgend Adress zeréckgeschéckt ginn:

Avez-vous activé les notifications «Push»?

☐ Oui ☐ Non

## RADIO / TÉLÉ

### « PETANGE INFO TV »

Connaissez-vous la chaîne «Pétange Info TV»?

☐ Oui ☐ Non

A quelle fréquence regardez-vous cette chaîne?

☐ Tous les jours

☐ 1 x par semaine

☐ plusieurs fois par mois

☐ Irrégulièrement

☐ Jamais

### « RADIO PÉITENG ON AIR »

Connaissez-vous «Radio Péiteng on Air»?

☐ Oui ☐ Non

Ecoutez-vous «Radio Péiteng on Air»?

☐ Oui ☐ Non

**Remarques:**

..................................................................................

..................................................................................

..................................................................................

..................................................................................

**Indiquez-nous vos coordonnées personnelles pour participer au tirage au sort des bons d'achat.**

Nom et Prénom: ........................................................

Adresse: ..........................................................................

E-mail: ..........................................................................

**Accord RGPD**

☐ Je consens à ce que la commune de Pétange stocke mes informations envoyées dans le but de pouvoir répondre à ma requête.

Den ausgefëllte Formulaire kann bis spéitstens de 15.01.2024 u folgend Adress zeréckgeschéckt ginn:

**Commune de Pétange - Service Culture et communications**

**b.p. 23 · L-4701 Pétange**

Merci fir d'Deelhuelen un dëser Ëmfro!

Merci fir d'Deelhuelen un dëser Ëmfro!

# DE KLEESCHEN UM NIKLOSMAART

**03.12.2023** - Virum Stadhaus hat de Syndicat d'initiative vu Péiteng den Niklosmaart organiséiert, wou et och dëst Joer vill ze kucken an ze schmaache gouf. A fir d'Kanner stoung dann och e grousse Event um Programm: de Kleeschen hat sech ugemelt an huet all Kand, dat brav war, e Päckelche mat lauter gudde Saachen an d'Hänn gedréckt.



















**17.10.2023** - *L'économie sociale et solidaire était au centre de l'attention des animations et jeux organisés par l'association Wecitizens sur la place John F. Kennedy à Pétange. Tout au long de la journée, les citoyens de tout âge ont participé à cette campagne de sensibilisation dont le but est de multiplier les initiatives en s'engageant dans ce domaine important.*












**20.10.2023** - *Fir den Äerdbiewen-affer a Marokko ze hëllefen, hat de Péitenger Gemengerot beschloss, eng finanziell Hëllef iwwer 2.500€ un d'Associatioun Médecins sans frontières ze ginn, esou datt de Leit op der Plaz weidergehollef ka ginn. Dës Ënnerstëtzung gouf och ganz gären ugeholl an de Scheck am Laf vun enger klenger Receptioun iwwerreecht.*



**24.10.2023** - *De Syndicat d'initiative et du Tourisme de la Commune de Pétange hat op d'Ovatioun vum Gemengerot an d'Kulturhaus A Rousen zu Péiteng agelueden. Hei goufen déi nei an och déi „al" Memberen aus dem aktuelle Gemengerot geéiert. Et sief ze bemierken, datt de Marc Goergen net méi dobäi ass an de Pierre Mellina säi Posten als Buergermeeschter mat engem Sëtz als Conseiller getosch huet. Den Yves Goevelinger a seng Leit aus dem Comité vum SITP hunn dann och jidderengem eng gutt Fläsch esouwéi e schéine Bouquet Blummen iwwerreecht.*










**Konveniat vum Joergang 1958** - *Viru fënnef Joer haten d'Jongen a Meedercher, déi 1964 an d'éischt Schouljoer zu Péiteng goungen, versprach fir sech 2023 nees eng Kéier ze gesinn a weider Erënnerunge vun hirer Schoulzäit auszetauschen. Dëst Versprieche gouf och gehalen an esou hunn sech 33 Schüler a Schülerinnen an zwou Léierinnen, d'Annette Risch-Colas an d'Yvonne Colette-Wagner, am Kulturhaus A Rousen erëmgesinn, wou d'Gemeng Péiteng den Éirewäin offréiert huet. Uschléissend goung et an de Restaurant Da Leoni op Nidderkuer, wou nach laang bei engem gudde Maufel an engem Pättche gepotert gouf.*

**17.11.2023** - *Für einige Klassen der Schüler und Schülerinnen der kommunalen Grundschulen stand auch dieses Jahr das große Heckenpflanzen auf dem Programm. Mit einem Bonus: Matsch. Der aufgeweichte Boden sowie die wittrigen Bedingungen waren nicht ideal. Und doch: es hat sichtlich Spaß gemacht neue Stecklinge zu setzen. Und die Belohnung ließ nicht auf sich warten, denn die Gemeinde hatte für heiße Schokolade sowie ein leckeres Croissant gesorgt.*











**18.11.2023** - *Lors de la Journée de l'arbre 2023, un «Betula pubescens» ou bouleau pubescens respectivement «Moorbirke» (arbre de grande taille qui peut atteindre 130 ans et une hauteur de 30 m) fut planté dans le nouveau quartier An Atzengen à Lamadelaine. Ceci, en l'honneur des 243 enfants nés entre le 1er novembre 2022 et le 31 octobre 2023.*







**12.-19.11.2023** - *Vum 12. bis den 19. November stoung den Tennis nees am Mëttelpunkt zu Péiteng. Fir de Kyotec Open, deen zu der „ITF World Tennis Tour“ zielt, haten sech nees Topspillerinnen ugemelt, déi ëm d'„Prize money“ vu $40.000 gekämpft hunn. Um Enn vun enger spannender Woch stoungen sech d'Océane Dodin (F) an d'Alexandra Eala vun de Filippine géintiwwer. Déi franséisch Spillerin huet sech hei souverän an der Finale duerchgesat an esou schonn déi 2. Kéier hei zu Péiteng hiirt Kënnen ënner Bewäis gestallt.*





**01.12.2023** - *Pour la présentation des nouveaux collaborateurs de la commune de Pétange, les membres du collège échevinal ainsi que du conseil communal avaient invité à une réception à la mairie. A cette occasion, les « nouveaux » se sont présentés aux édiles. Une rencontre qui a permis à tous d'échanger quelques mots et de faire connaissance.*



# Mir gratuléieren!

Am Joer 1919 gouf **Emma Antony-Gillé** gebuer, also viru méi ewéi engem Jorhonnert. Dat ass eng ganz laang Zäit hir, an d'Gebuertsdaagskand, dat ewell zu Péiteng an der Seniorie St Joseph wunnt, huet sech gefreet fir déi sëlleche Gléckwënsch entgéintzehuelen. Natierlech duerft och eng Corbeille mat Schnekereie vun der Gemeng net feelen. Zu de Gratulanten hunn nieft der Famill och Vertrieder vun der Direktioun, dem Personal an der Amicale gehéiert grad esou ewéi  aus dem Péitenger Schäfferot gezielt.







Op 90 Joer huet dëser Deeg **Madamm Leclerc-Moschen** zeréckgekuckt, déi zu Péiteng an der Seniorie St. Joseph hire Geburtsdag gefeiert huet. Ëmgi war si vu Familljememberen awer och vu Vertrieder aus der Direktioun vum Haus, vum Fleegepersonal an der Amicale vun der Seniorie. Mat enger schéiner Corbeille fir d'Gebuertsdaagskand hu Vertrieder aus dem Schäfferot sech deene ville Gléckwënsch ugeschloss a mat der Jubilarin op dësen Dag ugestouss.




Net all Dag feiert een e Gebuertsdag ewéi de **Joseph Fassbender** vu Rodange. 100 Joer jonk gouf de Jubilar, deen zënter laange Joren op der Fonderie wunnt an och gär do wunnt. Och am Alter ass hie gudder Déng an och ganz aktiv. De Familljeminister Max Hahn, deen sech fir dës Feier ugemelt hat, koum zwar mat e bësse Verspéidung awer net manner gutt gelaunt un. Houfreg huet d'Gebuertsdaagskand d'Verdéngschtmedaille entgéintgeholl, déi hie vum Minister ugespéngelt krut. Dësen huet, esou ewéi dat jo Traditioun ass, och déi bescht Wënsch zesumme mat e puer gudde Schnekereie vun der grossherzoglecher Famill matbruecht. D'Vertrieder aus dem Schäfferot hunn sech dës Geleeënheet och net entgoe gelooss fir am Numm vun der Gemeng ze gratuléieren.

Ëmgi war de Joseph Fassbender vun senger Fra, Kanner an Enkelkanner, déi frou sinn, datt hire Mann, Papp a Grousspapp bei esou gudder Gesondheet ass an dësen Dag mat hinne konnt feieren. Den obligatoresche Patt huet selbstverständlech och bei dëser Geleeënheet net gefeelt!





Zu Péiteng an der Seniorie stoung nees e groussen Dag um Programm. Hei huet d'**Angèle Klein-Pletschette** hire 95. Gebuertsdag gefeiert. Zesumme mat Familljememberen huet si, gutt gelaunt, déi vill gutt a léif Wënsch entgéintgeholl. Sief dat vun der Direktioun, dem Fleegepersonal, der Amicale vun der Seniorie oder vun de Vertrieder vum Péitenger Schäfferot, déi si mat enger gutt gefëllter Corbeille iwwerrascht hunn.

# Restaurant New Gouvou





Vous aimez les cuisines japonaise, chinoise et thaïlandaise? Alors vous allez vous régaler au restaurant New Gouvou situé dans la route de Longwy à Pétange. Le chef Pedro Liu se fait un plaisir de gâter ses convives avec des produits fraichement préparés. Que ce soit du Maki, Sashimi, Temaki, Uramaki, le cuisteau met tout son savoir-faire appris lors de sa formation de chef Sushi au Japon dans les plats proposés au restaurant.

Du lundi au vendredi à midi, un buffet iPad est servi. Les hôtes peuvent également choisir un buffet différent du lundi au vendredi soir ainsi que les week-ends. La dégustation se fait en salle, mais le New Gouvou offre également les plats commandés à emporter ou à faire livrer.

**Le restaurant est ouvert tous les jours de 10h30 à 14h15 et de 17h30 à 22h15**

**Contact: 23, route de Longwy · L-4750 Pétange**
**Tél. +352 26 50 25 43**

# Restaurant Chez Doudou






Depuis peu, c'est une nouvelle adresse pour les fins gourmets qui a ouvert ses portes à Pétange. Situé dans la route de Longwy à Pétange, la patrone Doumb' a Doumbé accueille ses hôtes dans un cadre moderne et chaleureux. Les plats sont inspirés de nombreux voyages à travers le monde et englobent les cuisines française, asiatique, italienne avec un «touch» camerounais.

Du lundi au vendredi, le restaurant offre un menu de midi. En soirée, des plats inspirés des saisons sont servis à côté des suggestions du chef. La dégustation se fait en salle, mais le restaurant Chez Doudou offre également des plats à emporter.

**Le restaurant est ouvert du lundi au mercredi de 12h00 à 15h30,**
**le jeudi et vendredi de 12h00 à 15h30 et de 18h00 à 22h30,**
**le samedi de 12h00 à 15h30 et de 18h00 à 23h30,**
**le dimanche de 12h00 à 15h30 et de 19h00 à 21h30.**

**Contact: 73, route de Longwy · L-4750 Pétange**
**Tél. +352 671 210 893**
**e-mail: chezdoudou4570@hotmail.com**

# Le déneigement est un devoir pour tous!

Pendant l'hiver, certains services communaux sont en service 24/24 et 7/7 afin de sécuriser une passage dans les rues et chemins, sur les trottoirs et places publics en hiver. Cependant, les citoyens ont le devoir de:

- laisser un passage de 80cm pour les piétons
- ne pas déposer la neige sur la chaussée
- stationner de façon à ce que le chasse-neige puisse passer sans problème
- utiliser des alternatives au sel comme e.a. l'eau salée des cornichons.

Les récipients contenant du sel de déneigement placés dans bon nombre d'endroits dans les localités de la commune de Pétange sont des réservoirs **pour des cas d'urgence uniquement et sont réservés pour les services communaux tout au long de la période hivernale!**

**Merci pour votre compréhension et votre collaboration.**

MATDEELUNG VUM SICEC ZU HAMM

## Aarbechten am Krematorium

Well am Moment am Krematorium zu Hamm Erweiderungs- an Ëmbauaarbechte sinn, kënne Verzögerungen entstoen, besonnesch bei den Abschiedsfeieren. Dës Zäit ass duerch intensiv Bauaarbechte mat vill Kaméidi gepräägt.

Un all d'Familljen, déi hir Léifste verluer hunn: Fir Iech eng Alternativ wärend dëser sensibler Zäit unzebidden, ermontere mir Iech, bei Ärer Gemeng nozefroe fir aner Plaze fir Är Trauerfeieren ze fannen.

D'Verstreeë vun vun den Äschen ass méiglech zu Hamm op der Streewiss.

**Fir méi Informatiounen https://sicec.lu**

## RPL-TV

**Wat war lass ?**
ITF Kyotec Open 12-19.11
Heckeplanzaktioun 17.11
Den Dag vum Bam 18.11
De Kleeschen am Fond-de-Gras 25. a 26.11

**Reportage:**
D'Aufgabe vum Fierschter (Bëschaarbechten)
Virstellung vum Emil Angel sengem neie Buch (am Interview mam Guy Kummer)

**Commerce:**
Ambiance Sun

# Feux d'artifice à la Saint-Sylvestre

Respectant l'avis majoritairement négatif émis par le conseil communal dans sa séance du 16 mars 2016, le bourgmestre a décidé de ne pas accorder une autorisation générale de tirer des feux d'artifice sur tout le territoire de la commune de Pétange dans la nuit de la Saint-Sylvestre 2023/Nouvel An 2024.






www.petange.lu

# Jeder muss Schnee räumen vor seiner Tür!

Im Winter arbeiten einige Dienst-Stellen der Gemeinde sehr viel.
Sie sind jeden Tag bereit um Schnee zu räumen.
Aber auch die Bürger müssen helfen.

Sie sollen vor ihrer Tür den Bürger-Steig frei machen.
Der Fuss-Weg muss mindestens 80 Zentimeter breit sein.
Dann können Fuss-Gänger dort vorbeigehen.
Man darf den Schnee nicht auf die Straße schaufeln.



Auch die Autos müssen richtig parken.
Sonst kann der Schnee-Pflug nicht durchfahren.
Man soll auch kein Salz benutzen.
Man kann zum Beispiel Gurken-Wasser benutzen.

### Salz-Behälter für die Gemeinde

In einigen Straßen stehen Salz-Behälter.
Die Bürger sollen das Salz nicht benutzen.
Das Salz ist nur für die Mitarbeiter der Gemeinde.
Sie benutzen es auf Bürger-Steigen und Wegen.
Damit entfernen sie das Eis.
Die Wege sind dann nicht mehr glatt.
Die Fuss-Gänger rutschen nicht mehr aus.
So ist es sicher, hier zu Fuß zu gehen.




# Kein Feuerwerk an Sylvester



An Sylvester dürfen die Bürger kein Feuerwerk schießen.
Es ist seit 2016 verboten.


Der Gemeinderat in Petingen hat das beschlossen.
Das gilt für Petingen, Rodange und Lamadelaine.

# Frohe Weihnachten und ein gutes neues Jahr!

# De Geschichtsfuerscher Nummer 12 ass prett

Bei de Geschichtsfrënn aus der Péitenger Gemeng gouf vill geschafft. Elo ass dem Emil Angel säin neit Buch, eng Erënnerung u seng Kanner- a Jugendjoren zu Péiteng prett. „De Prënzebierg am Wuert an am Bild" ass eng Rees an d'Vergaangenheet, dohinner, wou seng Wuerzele sinn. Illustréiert vum René Schmit ass dëst Buch e fuerwegt Bild vun senger Heemecht am Dräilännereck ginn, déi sécher bei esou munchem Lieser Gedanken u fréier opliewe wäert loossen. A firwat net emol e flott Buch ënner de Chrëschtbeemche leeën? Et ass e Kaddo, dee bestëmmt gutt ukënnt.

*De Präis vum Buch ass 25 € a kann zu Rolleng am Haus An der Uecht ofgeholl ginn, de Versand kascht zousätzlech 5 €.* ***D'Sue kënnen op de Konto LU260019 5655 0734 8000 vun de Geschichtsfrënn iwwerwise ginn.***




# Mülltrennung leicht gemacht

Vor 26 Jahren öffnete in Monnerich die Kompostieranlag Minett-Kompost ihre Tore. Seither hat sich der Standort weiterentwickelt und ist zu einer wichtigen Komponente im Bereich der organischen Abfallweiterverwertung geworden. Auch die Bürger*innen der Gemeinde Petingen sind aktiv an der Mülltrennung beteiligt.

Jeweils montags werden die Biotonnen in der Petinger Gemeinde geleert und in Monnerich abgeliefert, wo die organischen Abfälle in Kompost sowie Biogas verwandelt. Doch vorher müssen die nicht verwertbaren Stoffe, welche nicht in die Biotonne gehören, aussortiert werden. Hierbei ist es auch wichtig zu wissen, datt NUR die biologisch abbaubare Beutel mit dem Minett Kompost-Logo zulässig sind, dies neben Papiertüten sowie Zeitungspapier. Diese Müllbeutel sind im Umweltamt der Gemeinde für 3€ erhältlich.

Doch was gehört in die Biotonne? Die hier angeführte Liste soll der Leitfaden sein für eine gelungene Mülltrennung.



# COMMÉMORATION NATIONALE 2023










**15.10.2023** - *Lors de la Journée de la Commémoration Nationale, la commune de Pétange a rendu hommage aux victimes de la guerre.*





